Lenneng
Kanech

Gemengebuet

03 2020

Administration Communale

16, rue de l'École L-5414 Canach
Tél.: 35 97 35-1 Fax: 35 97 36
secretariat@lenningen.lu
www.lenningen.lu

Heures d'ouverture
Lundi – Vendredi: 08h00 – 12h00 et 13h00 – 16h30

SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL DU 4 AOÛT 2020

GEMENGEROTSSËTZUNGE VUM 4. AUGUST 2020

Lenneng
Kanech

Le collège échevinal
De Schäfferot

Arnold Rippinger

college_echevinal@lenningen.lu

Bourgmestre

- Organisation des services communaux et du personnel communal
- Dialogue avec les citoyens et intégration
- Finances communales
- Plan d'aménagement général et développement urbain
- Fusion des communes
- Service d'incendie et de sauvetage

Buergermeeschter

- Verwaltung vun de Gemengeservicer a vum Gemengepersonal
- Kommunikatioun mat de Matbierger an Integratioun
- Gemengefinanzen
- Bauperimeter an Entwécklung vun der Gemeng
- Gemengefusiounen
- Pompjeeën a Rettungswiesen

Josiane Bellot

college_echevinal@lenningen.lu

1re Échevine

- École fondamentale et structures d'accueil
- Jeunesse, 3e âge et culture
- Environnement & embellissement des villages

1. Schäffin

- Grondschoul an Opfaangstrukturen
- Jugend, 3. Alter a Kultur
- Natur, Ëmwelt & Verschéinerung vun den Uertschaften

Marc Thill

college_echevinal@lenningen.lu

2e Échevin

- Budget communal
- Circulation et mobilité douce
- Sports & associations locales

2. Schäffen

- Gemengebudget
- Verkéier & „Mobilité douce“
- Sport & Veräiner

Gemeng Lenneng 16, rue de l'École | L-5414 Canach | Tél.: 35 97 35 - 1 | Fax: 35 97 36 | www.lenningen.lu
Editeur Ënnert der Verantwortung vum Schäfferot, juristesch valabel ass eleng dee franséischen Text. Redaktioun Gemeng Lenneng
Layout a Produktioun Repères Communication | www.reperes.lu | Gedréckt op recycléierte Pabeier | Circle Offset Premium White 140 g

Séance du conseil communal du 4 août 2020
Gemengerotssëtzung vum 4. August 2020

Présents : Arnold Rippinger, bourgmestre ; Josiane Bellot, Marc Thill, échevins ;
Robert Back, Daniel Gillen, Claude Leuck, conseillers communaux
Excusés : Raymond Detail, Daniel Hoffmann

1. Approbation des délibérations du 30 juin 2020

Le Conseil Communal a approuvé à l'unanimité les délibérations du 30 juin 2020.

2. Projet d'abrogation du plan directeur sectoriel « décharges pour déchets inertes » – avis

Le Conseil Communal a approuvé à l'unanimité le projet d'abrogation du plan directeur sectoriel « décharges pour déchets inertes ».

3. Office Social Commun de Remich – approbation de la convention relative à l'exercice 2020

Le Conseil Communal a approuvé à l'unanimité la convention relative à l'Office Social Commun de Remich, convention conclue pour la période initiale du 1er janvier 2020 au 31 décembre 2020.

4. Règlement communal concernant l'octroi d'une subvention à l'acquisition d'un cycle à pédalage assisté neuf ou d'un cycle ordinaire neuf

Le Conseil Communal a arrêté à l'unanimité le nouveau règlement communal concernant l'octroi d'une subvention à l'acquisition d'un cycle à pédalage assisté neuf ou d'un cycle ordinaire neuf.

Les conditions de pouvoir prétendre à la subvention sont :

1. – Il doit s'agir d'un cycle à pédalage assisté neuf ou d'un cycle ordinaire neuf.

2. – La subvention est accordée aux personnes physiques, ayant résidence officielle sur le territoire de la Commune de Lenningen, sous les conditions suivantes :

a) peut être bénéficiaire de la subvention toute personne physique majeure ou mineure ayant résidence officielle sur le territoire de la Commune de Lenningen le jour de l'acquisition du véhicule (date de la facture).

b) la demande afférente est à adresser par le bénéficiaire majeur moyennant formulaire spécial prévu à cet effet par l'Administration Communale. Toute demande pour le compte d'une personne mineure est à présenter par son tuteur légal.

c) chaque demande doit être étayée d'une copie de la facture d'achat, détaillée et acquittée. Notamment pour le « cycle à pédalage

1. Unhuele vun de Beschléss vum 30. Juni 2020

De Gemengerot huet d'Beschléss vum 30. Juni 2020 eestëmmeg ugeholl.

2. Entworf fir d'Ophiewe vum sektorielle Bauausféierungsplang „Deponie fir Inertoffäll" – Avis

De Gemengerot huet den Entworf fir d'Ophiewe vum sektorielle Bauausféierungsplang „Deponie fir Inertoffäll" eestëmmeg ugeholl.

3. Office Social Commun vu Réimech – Unhuele vun der Konventioun fir den Exercice 2020

De Gemengerot huet eestëmmeg d'Konventioun mat dem Office Social vu Réimech ugeholl. Dës Konventioun gouf fir eng éischte Kéier fir d'Zäit vum 1. Januar 2020 bis den 31. Dezember 2020 zeréck behalen.

4. Gemengeveruerdnung fir d'Bewëllege vun enger Subventioun beim Kaf vun engem neie Vëlo mat Pedallënnerstëtzung oder engem neien normale Vëlo

De Gemengerot huet eestëmmeg déi nei Gemengereegelung fir d'Bewëllege vun enger Subventioun beim Kaf vun engem neie Vëlo mat Pedallënnerstëtzung oder engem neien normale Vëlo festgehalen.

D'Konditiounen, déi en Usproch op eng Subventioun erlaben, sinn déi follgend :

1. – Et muss sech ëm en neie Vëlo mat Pedallënnerstëtzung oder en neien normale Vëlo handelen.

2. – D'Subventioun gëllt fir physesch Persounen, déi hiren offizielle Wunnsëtz an der Gemeng Lenneng hunn a follgend Krittären erfëllen :

a) jiddwer physesch erwuessen oder mannerjäreg Persoun mat offiziellem Wunnsëtz an der Gemeng Lenneng zum Zäitpunkt vum Kaf vum Gefier (Rechnungsdatum) kann d'Subventioun kréien.

b) déi entspriechend Ufro muss vum erwuessenen Empfänger mat Hëllef vum speziell fir dësen Zweck virgesinne Formulaire vun der Gemengeverwaltung agereecht ginn. Jiddwer Ufro fir eng mannerjäreg Persoun muss vu dem gesetzlechen Tuteur agereecht ginn.

c) jiddwer Ufro muss mat enger Kopie vun der detailléierter a bezuelter Rechnung begrënnt ginn. Besonnesch fir de „Vëlo mat Pedallënnerstëtzung"

assisté », elle comprendra les informations techniques requises.

d) toute demande en vue de l'obtention d'une aide financière est à introduire au plus tard un an après la date d'acquisition (date de la facture) du véhicule.

e) une seule aide financière est accordée par personne physique endéans un laps de 10 ans.

3. – Le montant de la subvention communale octroyée à l'achat d'un véhicule neuf, est de l'ordre de 10 % du prix d'acquisition (T.V.A. comprise) sans toutefois dépasser 300,00 (trois cents) EUR.

4. – La subvention visée par la présente est sujette à restitution si elle a été accordée à la suite de fausses déclarations, de renseignements inexacts ou d'une erreur de l'administration.

5. – La présente réglementation, arrêtée par le Conseil Communal en date de ce jour, est applicable avec effet rétroactif pour toute acquisition d'un véhicule neuf ayant eu lieu après le 1er août 2019.

5. Approbation de la convention réglant les relations avec la « Beschäftegungs Initiativ Réimecher Kanton a.s.b.l. » (B.I.R.K.) – exercice 2020

Le Conseil Communal a approuvé à l'unanimité la convention réglant les relations avec la « Beschäftegungs Initiativ Réimecher Kanton a.s.b.l. » (B.I.R.K.) – exercice 2020.

6. « Club Senior Syrdall » – approbation de la convention relative à l'exercice 2020

Le Conseil Communal a approuvé à l'unanimité la convention relative à l'exercice 2020 avec le « Club Senior Syrdall ».

7. Approbation d'un 1er avenant à l'accord de collaboration avec l'association « Caritas Jeunes et Familles a.s.b.l. » ayant pour objet la reprise du service d'éducation et d'accueil communal

Le Conseil Communal a approuvé à l'unanimité un 1er avenant à l'accord de collaboration avec l'association « Caritas Jeunes et Familles a.s.b.l. » ayant pour objet la reprise du service d'éducation et d'accueil communal, qui règle les engagements financiers entre l'Administration Communale de Lenningen et Caritas, ainsi que les modalités de coopération entre les parties contractantes.

8.a) Information aux conseillers communaux

Monsieur le Bourgmestre a informé le Conseil Communal :

En vertu de la pandémie liée au COVID-19, la participation du Fonds en faveur de l'Office Social Commun de Remich sera doublée par rapport à l'année précédente.

muss se déi erfuerderlech technesch Informatiounen enthalen.

d) jiddwer Ufro fir d'Attributioun vun enger finanzieller Hëllef muss spéitstens ee Joer no dem Kafdatum vum Gefier agereecht ginn (Rechnungsdatum).

e) bannent engem Zäitraum vun 10 Joer gëtt physesche Persounen eng eenzeg finanziell Hëllef pro Kapp bewëllegt.

3. – De Subventiounsbetrag vun der Gemeng fir de Kaf vun engem neie Gefier läit bei 10 % vum Kafpräis (inkl. T.V.A.) an däerf 300,00 (dräihonnert) Euro awer net iwwerschreiden.

4. – Dës Subventioun muss zeréckbezuelt ginn, wa se opgrond vu falschen Angaben, ongeneeë Renseignementer oder engem Verwaltungsfeeler geneemegt gouf.

5. – Dës Reegelung, déi mam haitegen Datum vum Gemengerot festgehale gouf, gëllt réckwierkend fir jiddwer Kaf vun engem neie Gefier nom 1. August 2019.

5. Unhuele vun der Konventioun fir d'Kollaboratioun mat der „Beschäftegungs Initiativ Réimecher Kanton a.s.b.l." (B.I.R.K.) – Exercice 2020

De Gemengerot huet eestëmmeg d'Konventioun ugeholl, déi d'Kooperatiounsmodalitéiten mat der „Beschäftegungs Initiativ Réimecher Kanton a.s.b.l." (B.I.R.K.) – Exercice 2020 – festleet.

6. „Club Senior Syrdall" – Unhuele vun der Konventioun fir den Exercice 2020

De Gemengerot huet d'Konventioun fir den Exercice 2020 mat dem „Club Senior Syrdall" eestëmmeg ugeholl.

7. Unhuele vun engem 1. Zousaz zum Vertrag fir d'Zesummenaarbecht mam Veräin „Caritas Jeunes et Familles a.s.b.l.", deen d'Iwwerhuele vum Service d'Éducation et d'Accueil Communal als Zweck huet

De Gemengerot huet eestëmmeg en 1. Zousaz zum Vertrag fir d'Zesummenaarbecht mam Veräin „Caritas Jeunes et Familles a.s.b.l." ugeholl, deen d'Iwwerhuele vum Service d'Éducation et d'Accueil Communal zum Zil huet. Dëse reegelt d'finanziell Verflichtungen tëschent der Gemengeverwaltung vu Lenneng an der Caritas an och d'Kooperatiounsmodalitéiten tëschent de Parteien.

8.a) Informatioune fir d'Gemengeconseilleren

Den Här Buergermeeschter huet de Gemengerot informéiert :

Opgrond vun der Pandemie am Zesummenhang mat COVID-19 gëtt d'Bedeelegung vum Fong fir den Office Social Commun vu Réimech géintiwwer dem viregte Joer verduebelt.

Prochainement, le Conseil Communal sera informé sur les conséquences de l'Audit interne et la présentation des nouvelles structures de travail.

Une réunion avec le SIGRE concernant l'évacuation des déchets ménagers a eu lieu.

Madame Bellot a informé les membres du Conseil Communal que sans doute le projet « BIOTONNE » débutera en janvier 2021.

Une réunion a eu lieu avec l'association « Beschäftegungs Initiativ Réimecher Kanton a.s.b.l. » et la Commune de Lenningen.

Pour pouvoir profiter du service « WULLMAIS », la Commune de Lenningen est obligée d'occuper au moins un poste auprès de l'association « Beschäftegungs Initiativ Réimecher Kanton a.s.b.l. » et de continuer à rester membre actif.

Le dossier Atelier Communal/bâtiment CGDIS devrait pouvoir être présenté lors du prochain Conseil Communal.

8.b) Rapports des délégués dans les différents syndicats intercommunaux

Pas de rapport présenté.

8.c) Questions des conseillers communaux au collège des bourgmestre et échevins

- au sujet de la collecte de vieux papiers.
- question concernant la traduction du règlement de police.
- question de voirie.
- question au sujet de la carte d'accès pour le centre de recyclage.
- question au sujet du parking devant la Basilique à Lenningen.

En séance à huis clos :

9. Nomination à un poste nouvellement créé dans la catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe scientifique et technique (statut de l'employé communal)

Le Conseil Communal a procédé par vote secret et à l'unanimité à la nomination aux fonctions d'un employé communal pour les besoins du service technique de la Commune de Lenningen, opération qui donne le résultat suivant :

1) Madame Christina Martins obtient 6 (six) voix.

Il résulte de ce qui précède qu'une nomination provisoire au poste vacant de l'employé communal au service technique de la Commune de Lenningen est conférée à Madame Christina Martins et ce avec effet au 1er octobre 2020.

Deemnächst gëtt de Gemengerot iwwer d'Konsequenze vum internen Audit an d'Presentatioun vun den neien Aarbechtsstrukturen informéiert.

Et koum eng Sëtzung mat dem SIGRE betreffend dem Sujet Evakuatioun vun den Haushaltsoffäll zustan.

D'Madamm Bellot huet d'Membere vum Gemengerot informéiert, datt de Projet „BIOTONNE" viraussiichtlech am Januar 2021 ulafe wäert.

Et koum eng Sëtzung mam Veräin „Beschäftegungs Initiativ Réimecher Kanton a.s.b.l." an der Gemeng Lenneng zustan.

Fir vun de Servicer vun de „WULLMAIS" profitéieren ze kennen, ass d'Gemeng Lenneng verflicht, op d'mannst eng Plaz beim Veräin „Beschäftegungs Initiativ Réimecher Kanton a.s.b.l." ze besetzen a weiderhin aktive Member ze sinn.

Den Dossier „Atelier Communal/bâtiment CGDIS" misst bei der nächster Gemengerotssëtzung virgestallt kenne ginn.

8.b) Berichter vun den Delegéierten an de verschiddene Gemengesyndikater

Kee Bericht virgeluecht.

8.c) Froe vun de Gemengeconseilleren un de Buergermeeschter-Schäfferot

- Fro iwwer d'Pabeiersammlung.
- Fro zur Iwwersetzung vum Policereglement.
- Fro zu Stroossenaarbechten.
- Fro iwwer d'Zougangskaart fir de Recyclingszenter.
- Fro iwwer de Parking virun der Basilika zu Lenneng.

Ënner Ausschloss vun der Ëffentlechkeet :

9. Nominatioun op eng nei geschafe Plaz an der Leeschtungskategorie A, Leeschtungsgrupp A2, Ënnergrupp Wëssenschaft an Technik (Statut vun de Gemengebeamten)

De Gemengerot huet a geheimer Ofstëmmung an eestëmmeg iwwer d'Nominatioun op eng Funktioun als Gemengebeamte fir d'Besoine vum Techneschen Déngscht vun der Gemeng Lenneng entscheet.
D'Resultat ass follgendermoossen :

1) D'Madamm Christina Martins kritt 6 (sechs) Stëmmen.

Aus deem uewe gesote geet ervir, datt d'Madamm Christina Martins virleefeg mat Wierkung zum 1. Oktober 2020 op déi fräi Plaz als Gemengebeamte beim Techneschen Déngscht vun der Gemeng Lenneng nominéiert gouf.

Lenneng
Kanech

POLICE
LËTZEBUERG

Policereglement

Léif Matbiergerinnen, léif Matbierger,

Nodeems Dir an de leschte Wochen eng nei Oplag vum Policereglement a franséischer Sprooch verdeelt krut, kënnt Dir dann elo hei am Gemengebuet eng verkierzte lëtzebuergesch Versioun fannen. Allerdéngs huet just déi franséisch Versioun juristesch Bedeitung.

De Schäfferot vun der Gemeng Lenneng
Arnold Rippinger, Josiane Bellot, Marc Thill

Groussherzogtum Lëtzebuerg | Gemeng Lenneng
Allgemeng Policereglementer

KAPITEL I – ËFFENTLECH ROU

Artikel 01 bis 05 – Jidderee muss zu all Zäit all néideg Moossnam ergräife fir d'Erhuelung an d'Rou vun aneren net ze stéieren, souwuel daagsiwwer wéi nuets. - Tëscht 10 Auer owes an 8 Auer moies ass et verbueden d'Rou vun den Awunner duerch exzessiv Geräischer a Kaméidi ze stéieren. D'Benotzung vu Glascontainer ass an de selwechte Stonne verbueden. - An der Nuecht däerf de Kaméidi duerch d'Op- an d'Zoumaache vun Autosdieren, souwéi d'Stoebleiwen an d'Starte vu Gefierer de Matbierger net stéieren. - D'Proprietairen oder d'Verwalter vun akusteschen Alarmsystemer mussen déi noutwendeg Mesuren huelen, datt déi ëffentlech Rou net duerch d'abusiivt Ausléise vu Sireenen gestéiert gëtt.

Déieren

Artikel 06 – Besëtzer vun Hausdéieren, oder Leit déi se versuergen, mat Ausnam vun Zuuchtdéieren, mussen oppassen datt dës Déieren d'ëffentlech Rou net duerch widderhuelt Gebills, Gejäiz oder soss Kreesch stéieren.

Musek, Spiller, Fester a Feieren

Artikel 07 – D'Lautstäerkt vu Radioen a Fernseeër, souwéi all aner Apparater, muss bannen a baussent de Gebaier esou gereegelt sinn datt d'Noperschaft sech net gestéiert fillt. Dëst gëllt och fir all méiglech Museksinstrumenter, esou wéi fir Gesang an Gebläers.

Artikel 08 – D'Besëtzer an d'Bedreiwer vu Caféen, Restauranten, Concertssäll, Versammlungsraim, Danzsäll mussen déi fix Spärstonne respektéieren: 01.00 bis 08.00 Auer mueres. Bei autoriséierter fräier Nuecht gëllt d'Spärstonn vun der Autorisatioun.

Artikel 09 – Bei ëffentlech autoriséierte Feieren, däerfe Lautsprecher déi ausserhalb vun Gebaier installéiert sinn, oder déi de Klang no bausse leeden, tëscht 22.00 an 08.00 Auer net benotzt ginn. Wärend dësen Uläss ass de Gebrauch vun esou Lautsprecher bei Schoulen, Plaze vum Kult, Kierfechter, Institutioune fir eeler an / oder Haiser fir behënnert Leit esouguer daagsiwwer verbueden.

Artikel 10 – Et ass verbuede Knupperten an änlech explosiv Objete souwuel bannent der Uertschaft ewéi ausserhalb der Uertschaft an engem Ëmkrees vun 100 Meter ze gebrauchen. De Buergermeeschter kann awer bei Geleeënheet vun ëffentlechen oder private Feieren, op spezifesch a gerechtfäerdegt Nofro, änlech Aktivitéiten autoriséieren.

Aarbechte mat Kaméidi a motoriséiert Maschinnen

Artikel 11 – Et ass verbueden d'Nuetsrou ze stéieren. Dës Reegel gëllt och fir d'Ausféiere vun all Aarbechten (mat Ausnam vu saisonaler Aarbecht, déi vu Baueren duerchgefouert gëtt) tëscht 22.00 an 08.00 Auer, wann doduerch d'Drëttpersoune kënne gestéiert ginn, ausser:

a) am Fall vu Force Majeure wou eng direkt Interventioun néideg ass;
b) am Fall vun Aarbechten am ëffentlechen Interessi;
c) am Fall vun Ausnamefäll déi duerch gesetzlech a reglementaresch Bestëmmunge virgesi sinn.

Artikel 12 – Wann et net méiglech ass de Kaméidi vun Apparater, Maschinnen oder aner Installatiounen, vun iergendenger Aart ze vermeiden, da muss dëse Kaméidi ze erdroe sinn andeems d'Aarbechten an hirer Dauer limitéiert oder gestaffelt ginn, oder no Méiglechkeet op enger méi passender Plaz duerchgefouert ginn.

Artikel 13 – Industriell an handwierklech Aarbechten, déi Kaméidi maachen, mussen, esou wäit wéi et méiglech ass, an zouene Raim, mat zouenen Dieren a Fënsteren, duerchgefouert ginn. D'Ausnam heizou sinn déi temporär Schantercher fir déi folgend Virschrëfte gëllen:

a) Maschinnen, déi fir Bau- oder Installatiounss-aarbechte benotzt ginn, mussen, wann nëmme méiglech, elektresch bedriwwe sinn. An der Noperschaft vu Crèchen, Schoulen, Plaze vum Kult, Kierfechter an Institutioune fir eeler an / oder behënnert Leit dierf op anere Maschinne just mat der ausdrécklecher Geneemegung vum Buergermeeschter geschafft ginn.

b) De Niveau vum Kaméidi vu Kompresseren, pneumateschen Apparater, Pompelen oder änleche Maschinnen, muss mat adequate Mëttelen, besonnesch duerch Houssen déi Schallwellen absorbéieren, reduzéiert ginn.

c) Aarbechte mat Kaméidi, besonnesch wéi Seeën, Bueren, Fräsen, asw., mussen, esou wäit wéi et méiglech ass, an zouene Raim, mat zouenen Dieren a Fënsteren, duerchgefouert ginn.

Artikel 14 – Bannent der Uertschaft, an am Ëmkrees vu manner ewéi 100 Meter vun Haiser, ass de Gebrauch vu Maschinnen déi vill Kaméidi maachen, wéi Méimaschinnen, Motorseeën asw. verbueden

- d'Schaffdeeg virun 08.00 an no 22.00 Auer
- Samschdes virun 08.00 an no 18.00 Auer
- vu Méindes bis Samschdes tëscht 12.00 an 13.00 Auer
- Sonndes an d'Feierdeeg.

KAPITEL II – D'SÉCHERHEET AN DÉI FRÄI ZOUGÄNGLECHKEET AN DE STROOSSEN, OP DE PLAZEN AN AM ËFFENTLECHE RAUM

Artikel 15 – D'Trottoiren, an déi Deeler vun der ëffentlecher Strooss déi dem selwechten Zweck déngen, si fir d'Zirkulatioun vu Foussgänger, Kannerkutschen a Rollstill reservéiert.

Artikel 16 – All Persoun déi op der ëffentlecher Strooss zirkuléiert an d'Gesetzer an d'Reglementer net beuecht oder de Verkéier behënnert muss sech ouni laangt Gedeessems un d'Uweisunge vun der Police halen. D'ëffentlech Strooss gëtt definéiert duerch dat Groussherzoglecht Reglement vum 18. Mäerz 2000, dat de Verkéier op all den ëffentleche Stroosse reegelt, an zwar follgendermoossen: zur ëffentlecher Strooss gehéieren all d'Weeër déi op si fir den ëffentleche Verkéier, ënner anerem d'Stroossen, d'Trottoiren, d'Summerweeër, domat abegraff d'Ramplien, d'Barrièrë géint de Kaméidi an déi Zoufaartsweeër déi néideg si fir den Ënnerhalt. Ëffentlech Plazen, Vëlosweeër a Spadséierweeër gehéieren och zur ëffentlecher Strooss.

Benotzung vun ëffentleche Stroossen

Artikel 17 – Ouni d'Autorisatioun vum Buergermeeschter ass et verbueden op der ëffentlecher Strooss eng Aarbecht duerchzeféiere vun industrieller, kommerzieller, handwierklecher, oder artistescher Natur oder iergendwellech Beleuchtung z'installéieren. Dës Autorisatioun ka Bedéngungen enthalen déi d'Fräiheet an d'Kamoudheet vum Passage, déi ëffentlech Sécherheet, d'Rou an d'Hygiène solle garantéieren.

Artikel 18 – Et ass verbueden, ouni prealabel Autorisatioun vum Buergermeeschter an, de Fall gesat, vun der Verwaltung vu de Ponts et Chaussées, Stroossen, Plazen oder all aner Deeler vun der ëffentleche Strooss, ze blockéieren, sief et duerch d'Deponéiere vu Material oder all aner Objeten, sief et duerch iergendwellech Aarbechten. Ofgeluede Gidder, oder Material wat soll opgeluede ginn, mussen direkt vun der ëffentlecher Strooss ewechgeholl ginn. Duerno muss d'Strooss vun all Dreck an Offall gebotzt ginn.

Artikel 19 – All Aarbecht, déi eng Gefor fir Passanten duerstellt, muss duerch eng gutt siichtbar Markéierung, déi op d'Gefor hiweist, gekennzeechent sinn. Grief laanscht déi ëffentlech Strooss a Baustelle musse sécher ofgedeckt oder mat engem Zonk geséchert gi vun deene Leit déi se verursaacht hunn. Wann dës Aarbechten eng besonnesch Gefor duerstellen, kann de Buergermeeschter zousätzlech Virsiichtsmoossname virschreiwen.

Propretéit a Sécherheet vu Stroossen an ëffentleche Plazen

Artikel 20 – Et ass verbueden iergendwelleche Knascht op den ëffentleche Stroossen ze entsuergen oder iergendwellech Objeten do ze hannerloossen.

Artikel 21 – Besëtzer vun Hausdéieren, oder Leit déi se versuergen, mussen de Schäissdreck vun hiren Déieren op den ëffentleche Stroossen, Spillplazen, a gréng Zonen a bei ugrenzende Gebaier ewech maachen.

Artikel 22 – Et ass verbueden, ob absichtlech oder och net, d'ëffentlech Stroossen an hir Dependancen, an och all ëffentlech a privat Proprietéiten, ze verknaschten oder hiren Zoustand ze verschlechteren. Dat selwecht zielt och fir d'Ubrénge vu Graffiti. Et ass och verbueden am Wanter Rutschbanen z'installéieren, mat Schlittschong oder mam Schlitt op ëffentleche Stroossen a Plazen ze fueren, ausser op deene Plazen déi fir dës Zwecker geduecht oder reservéiert sinn.

Responsabilitéit vu Besëtzer an / oder Benotzer

Artikel 23 – All Proprietären an / oder Benotzer si verantwortlech fir d'Trottoiren an d'Kullange virun hire Gebaier propper ze halen. Am Fall wou et geféierlech oder schwéier ginn ass wéinst Glatäis oder Schnéi sech fortzebeweegen, muss den Trottoir bannent enger verstänneger Zäit virun hire Gebaier gebotzt ginn. Schnéi an Äis mussen ewech gemaach ginn fir Accidenter ze vermeiden.

Artikel 24 – D'Entréeë vu Kelleren an aner Ëffnungen am Trottoir oder op der Strooss mussen zou bleiwen. Sie dierfen nëmmen daagsiwwer opgemaach ginn fir déi strikt noutwendeg Zäit. Den Ament mussen dann och déi néideg Moossname fir Passanten ze schütze geholl ginn.

Artikel 25 – All Grondbesëtzer ass verflicht seng Proprietéit an engem gudden Zoustand ze halen. Beem, Hecken oder soss Planze musse geschnidde ginn, sou datt d'Vegetatioun weder de Verkéier nach d'Visibilitéit stéiert. Am anere Fall setzt de Buergermeeschter en Delai fest an deem d'Aarbechte mussen duerchgefouert ginn. Am Fall wou de Besëtzer sech net dorunner hält, suergt d'Gemeng fir d'Ausféierung vun den Aarbechten ënner der Responsabilitéit an op Käschte vum Proprietär.

Artikel 26 – Et ass net erlaabt a Wunnhaiser an hiren Niewegebaier Déieren ze halen, ouni déi néideg sanitär Mesuren ze ergräifen. Drëtt Parteien dierfen sech doduerch och net belästegt fillen. Et ass weiderhi verbueden Déieren unzelackelen wann dëst gesondheetsschiedlech oder stéierend fir d'Noperen ass.

Artikel 27 – Leit déi Broschüren, Annoncen, asw. verdeelen däerfen d'Passanten net interpelléieren oder hinnen nolafen. Och däerfen se déi fräi Zirkulatioun op der ëffentlecher Strooss net behënneren.

KAPITEL III – ËFFENTLECH UERDNUNG

Artikel 28 – All Stéierung vun der ëffentlecher Uerdnung duerch Vandalismus oder Béisaartegkeet ass verbueden.

Artikel 29 – Et ass verbueden d'ëffentlech Beliichtung oder d'Luuchten fir de Stroosseverkéier ze verstellen oder z'ënnerbriechen.

Artikel 30 – Et ass verbueden Stroosseschëlder a soss Hiweisschëlder ze maskéieren, ze réckelen oder op iergendwellech Manéier futti ze maachen.

Artikel 31 – Et ass verbueden am ëffentleche Raum e Feier ze maachen. E Feier an engem Bannenhaff, Gaart oder op engem aneren Terrain muss permanent iwwerwaacht ginn an däerf d'Noperen, ewéi och den ëffentleche Verkéier, net stéieren. All Sécherheetsmoossname musse getraff gi fir d'Verbreedung vun engem Feier oder souguer eng Explosioun ze verhënneren.

Artikel 32 – Et ass verbueden am ëffentleche Raum ze fëmmen.

Artikel 33 – Wann Dir liicht brennbar oder explosiv Produkter luet oder ofluet, mussen all Sécherheets- a Schutzmoossname getraff ginn. Déi selwescht Virschrëft gëllt fir déi eidel Gefierer a Behälter déi benotzt gi sinn fir liicht brennbar Flëssegkeeten oder Gas ze transportéieren.

Artikel 34 – Et ass verbueden op ëffentlech Gebaier, Monumenter, Paarten an Zénk, souwéi op Luuchtepottoen, Stroossebeem, asw. ze klammen.

Artikel 35 – Et ass verbueden ëffentlech Installatioune wéi och Kanäl, Kanalisatiounen, Kabelen, asw. ze manipuléieren, Krunnen oder Ventiller ze verstellen, Deckelen oder Griller ze réckelen oder iergendwellech Saachen do ënnerzebréngen.

Artikel 36 – All ongerechtfäerdegten Uruff un d'Servicer vun der Police, souwéi un all staatlechen oder kommunalen Nout- an Interventiounsdéngscht ass verbueden. Et ass verbueden d'Alarm- oder Warnsignaler vun dëse Servicer z'imitéieren oder ze benotzen.

Artikel 37 – Et ass verbueden d'Approche oder d'Presenz vu Beamte vun der Police ze signaliséiere fir d'Aarbecht vun hirem Service ze beanträchtegen.

Artikel 38 – Et ass verbueden an der Ëffentlechkeet op eng onanstänneg Aart a Weis dorëmmer ze lafen.

Artikel 39 – Aus Respekt fir d'Lëtzebuerger Kultur ass et verbueden sech am ëffentleche Raum mat verdecktem Gesicht oder maskéiert opzehalen.

Artikel 40 – Wärend Sportveranstaltungen an anere Rassemblementer ass et verbueden d'Sécherheet oder d'Integritéit vun de Participanten an dem Public duerch dat eegent Verhalen a Gefor ze bréngen.

KAPITEL IV – ËFFENTLECHE RAUM A FRÄIZÄIT

Artikel 41 – Déi ëffentlech Raim fir d'Fräizäit sinn Entspanungs- a Gesellschaftsplazen. All Aktivitéiten an deem Sënn sinn also wëllkomm esou laang se duerchgefouert kënne ginn ouni anerer ze stéieren, ouni d'Sécherheet vun de Leit an d'Anlagen a Gefor ze bréngen, an och ouni d'Plaze selwer ze beschiedegen. D'Benotze vum Material dat dem Public zur Verfügung gestallt ass soll respektéiert ginn.

Artikel 42 – Et ass verbueden Offäll iergendwellecher Aart ze hannerloossen, ausser an den Dreckskëschten déi dofir virgesi sinn.

Artikel 43 – De Schäfferot entscheet iwwer den Amenagement vun de Spillplazen. Si setzen d'Altersgruppe fir déi eenzel Spillplazen an déi Spiller déi dorops installéiert si fest.

Artikel 44 – Op de Spillplaze musse Kanner ënner sechs Joer ëmmer vun engem Erwuessene begleet ginn.

KAPITEL V – STROFEN

Artikel 45 – Ofgesi vun eventuellen zousätzleche Strofen duerch déi existent Gesetzer sinn op Verstéiss géint d'Bestëmmunge vun dësem Reglement Geldstrofe virgesinn vu mindestens 25,00 EUR a maximal 250,00 EUR.

REPERES.LU